N°2632
Entrée le 21.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.07.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

*Claude WISELER*
*President vun der*
*Chamber vun den*
*Deputéierten*
*19, um Krautmaart*
*L-1728 Lëtzebuerg*

*Lëtzebuerg,*
*den 18/07/2025*

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Inneminister weiderzeleeden.

An engem aktuelle Fall zu Déifferdeng ermëttelt d'Justiz géint den aktuelle Buergermeeschter vun der Gemeng Déifferdeng an ee Promoteur, deen och President vum FC Déifferdeng 03 ass. Et gëllt natierlech d'Onscholdsvermuddung.

De Sport an d'Politik sinn enk matenee verbonnen. D'Geschicht huet awer ëmmer nees gewisen, dass Sport a Politik net getrennt vuneneen existéieren. De Sport gëtt direkt an indirekt duerch Steiergelder finanzéiert. Grad um lokalen Niveau sinn d'Gemeng immens an hier Sportsclibb mat agebonnen. Et stellen sech Froen zu verschiddenen Praxissen, déi een op Gemengenniveau feststellt an iwwert déi d'Leit dobaussen oppen diskutéieren.

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Eng Praxis betrëfft d'Astelle vu Gemengepersonal, wou nei Mataarbechter zoufällegerweis Spiller vum lokale Fussballclub sinn. Esou zum Beispill beim Transfert vun engem Spiller vun der Union Titus Péiteng op den FC Déifferdeng 03.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

Dierf ee Veräin, an deem de Buergermeeschter Comitésmember ass, beim Transfer vun engem Spiller, dësem eng Offer op eng Aarbechtsplaz an der Gemeng verspriechen an duerno ginn?

Falls nee, wat sinn d'Konsequenzen, wann eng Aarbechtsplaz ënnert dëser Form un ee Spiller géif vergi ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten